ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Enn Oktober gouf déi zukünfteg Tramslinn Kierchbierg – Findel presentéiert. Am Kader vun de betreffenden Aarbechte gi laanscht d'Autobunn Richtung Sennengerbierg op enger Fläch vun 3,2 Hektar Beem gefält, fir dës nei Tramstrass ze erméiglechen. Als Kompensatiounsmoossnam dozou ginn an de Gemenge Jonglënster, Luerenzweiler an Nidderaanwen Beem op enger Gesamtfläch vun 8,6 Hektar ugeplanzt.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Sinn d'Buergermeeschtere vun deenen dräi mentionéierte Gemenge vun dëser Decisioun vum Ëmweltministère mat agebonne ginn? Wann nee: Firwat ass dat net geschitt?
2) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wat fir Parzellen an deenen dräi Gemenge fir d'Neiuplanzunge virgesi sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten